



Oochen, den 24. Abrëll 2020

Communiqué fir d'Summersemester 2020

Léif AVL'er an AVL'erinnen,

D' Summersemester 2020 steet virun der Dier, an de Comité well iech mat dësem Communiqué iwwert all Evenementer vun dësem Semester informéieren.

Wéi dir wësst, ginn et am Moment nach keng Präsenzkueren an och den Openthalt zu Oochen ass zimmlech begrenzt. Deementspreechend musse vill Evenementer ofgesot ginn. Dozou zielen d'**Belgt Béierfest** an eis **Kulturrees** op **Madrid**. Den **Beachvolleyball** um **Königshügel** gëtt organiséiert soubal d'Kueren zu Oochen rëm uginn. Den Intercercle **Beachvolleyball** zu **Kaiserslautern** ass leider och ofgesot. Mee och zu Lëtzebuerg goufen den **Landjugenddag**, den **ING-Marathon** an den **ACEL Studentebal** ofgesot, wou den AVL ëmmer zuelräch present war.

Den **Tournoi de l'Ambassadeur**, dee jo "à tour de rôle" tëscht de Belsch an eis ausgedroe gëtt, soll dëst Joer zu Léck stattfannen. Ee viraussichtlechen Datum gëtt et momentan nach net.

Änlech ass et mam traditionellen **Staffellaf**, wou mir vun Oochen bis op Jonglënster lafen. Dëst huele mir wann méiglech spontan no, wann d'Situatioun sech berouegt huet.

All weider Veranstaltung fënnt viraussichtlech op de genannten Datumer statt. Weider Informatiounen kommen no, falls sech d'Situatioun ännert.

Mëttwoch den **17. Juni** ass den **RWTH Sportsday** an do wellen mir eis mat enger Fussballs- an Basketséquipe umellen, dh all motivéierten Fussball- oder Basketspiller soll sech beim Sportminister, dem Alex Maack (alex.maack@avl.lu) mellen. Dono werte mir secher nach rausfeiere goen.

Donneschdes den **25. Juni** steet eis traditionel **Table Ronde an Ponttorfeier** un. Dat ganz fënnt am Forum M iwwert der Mayerschen an Tenue Correcte statt. Op der

Table Ronde wäerten sech e puer vun eisen Sponsoren virstellen. Dono kënn dir bei engem Glas Wäin an e puer Schnittercher nach méi genau mat hinnen a Kontakt trieden.

Den **27. Juni** fënnt och nach den **Summercup** (Fussballturnéier) zu Lëtzebuerg statt. Deen gëtt vun den Stroosbuenger Studenten organiséiert. Wann der wëllt matspillen, dann mellt iech wéi gewinnt bei eistem Sportminister op alex.maack@avl.lu.

Den **4. Juli** fënnt den **Match géint d'Anciens** zu Lëtzebuerg statt. Hei spillen mir Fussball géint al Oochener Studenten. Wann der wëllt matspillen, dann mellt iech och hei bei eistem Sportminister op alex.maack@avl.lu.

Fir d'Semester gutt ofzeschléissen, organiséieren mir de **9. Juli** een **Ofschlossfest** zu Oochen. Weider Informatiounen dozou kommen no.

Donneschden den **8. Oktober** fënnt d'**REEL** zu **München** statt.

Dann hoffe mir natierlech, dass déi Situatioun sech sou séier wéi méiglech berouegt a mir eis wéi gewinnt um **Lëtzebuenger Owend** am **Kaktus** gesinn, wou de **Männerchouer** dann ebenfalls seng Prouwen huet. Wéien Dag dat an der Woch wäert sinn, steet och leider nach net fest.

De Comité wënscht iech en erfollegräicht Semester, an hofft dass mir op all dësen Evenementer vill Spaass zesumme wäerten hunn.

Vive den AVL
Vive de Comité
Vive de Männerchouer
Vive Oochen
Vive eis Memberen, déi natierlech op all eis Soiréeë kommen
Vive Lëtzebuerg
Vive de Summer
Vive d'AVL Ladies
A Vive an de Kaktus

Fir de Comité,
Andreia